

Dat ass net eng Afrostellung vun den Ënnerschrëften. Dat ass eng Kritick, déi mussen mer eis alleguer gefale loossen, well mir hunn alleguerten déi Petitioun do duerchgoe gelooss. Dat heescht, déi Kritick ass souwuel fir Iech wéi fir mech. Déi ass net fir iergendeen en particulier.

Ech huele se un. Ech soe mer: Ok, et ass en Element, dat an der Diskussioun ass. Mee fir dann do ze soen, et wier skandaléis an en Ënnergruewe vun eiser Demokratie, et wier e politesche Putsch, si wéilten als Kommissioun decidéieren, wat richteg a falsch ass, an alles, wat hinnen net gefällt, wier illegal. Wou steet dat, Här Weidig? An et soll à la DDR ënnerdréckt ginn. Krass!

Wann hei iergendeen heibannen am Sall wëllt iergendeen ënnerdrécken, da sidd Dir dat. Voilà!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Da sinn et déi gréng!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Tanson.

Ech gesinn elo net méi, datt eng Wuertmeldung hei am Sall ass. Wann dat net de Fall ass, géing ech dës Resolutioun zur Ofstëmmung bréngen.

**Vote sur la résolution**

De Vott fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen. Mir vermessen och keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Domat ass dës Resolutioun à l'unanimité ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Fernand Etgen), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claire Delcourt), Franz Foyot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

### 30. 8369 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

An da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi 8369 iwwert d'Verlängerung vun de Baugeneemegungen. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno

folgendermoossen opgedeelt: de Rapporteur 10 Minuten, alleguer d'Fraktiounen an d'Sensibilitéit 5 Minuten, d'Regierung 10 Minuten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Luc Emering, den Här Dan Biancalana, den Här Tom Weidig, d'Madamm Sam Tanson an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Affaires intérieures**

**M. Marc Lies** (CSV), rapporteur | Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 8369 ass eigentlech e kleng Projekt, wat d'Form ugeet, ma nawell wichteg, well et e Projet ass, deen zur Vereinfachung vun de Prozeduren vun de Baugeneemegungen an de Gemenge féiert.

Bei dësem Projet de loi geet et ëm eng Upassung vum 2004er Gesetz iwwert den Aménagement communal. Den Dépôt war den 29. Mäerz 2024. Wéi Der am Dossier parlementaire respektiv och a mengem Rapport konnt liesen, sinn eng ganz Retsch vun Avisen do, déi dann och dës Upassung begrëssen.

Bon, ech hunn et virdru gesot: Et ass eng kleng Upassung, awer trotzdeem wichteg an der Form.

Ëm wat geet et genau heibäi? D'Baugeneemegungen an de Gemenge ginn amplaz op ee Joer op zwee Joer ausgestallt a kënnen nach eng Kéier ëm ee Joer weider verlängert ginn. Dat heescht manner prozeduralen Opwand an awer och méi Flexibilitéit fir d'Bauhären.

Den Ursprung vun dësem Gesetz war den dësjärege Logementsdësch, deen den 22. Februar zesummegekommen ass. Bon, ech mengen, mir alleguerte wëssen: D'Immobiliekris ass nach net ganz iwwerwonnen an et ass wichteg, datt mer schnellstméiglech neie Wunnraum bauen, an awer och méi bezuelbare Wunnraum.

Ënnert dem Motto „Mat manner méi an awer och méi schnell a méi séier bauen“ huet d'Regierung den 19. Juni am ganze 40 Moosname presentéiert, wou et ëm d'Veinfachung vun deene Prozeduren an awer och vun enger Rei vu Gesetzgebungen geet, fir datt de Bau méi séier ka virugedriwwen ginn.

De Minister Gloden huet sech dat zu Häerz geholl an ee Mount no dësem Logementsdësch, wéi scho virdru gesot, den 29. Mäerz, och dësse Projet de loi an d'Prozedur ginn.

An deenen nächste Wochen a Méint wäerten nach eng sëllegen nei Moosname bäikommen. Eng wichteg Moosnam wëll ech hei just kuerz ervirhiewen. Dat ass eng Plattform de concertation iwwert d'PAPen, déi am Inneministère agericht soll ginn, wou et wichteg ass, datt en Echange zwëschen de Promoteuren, Ministären, Gemengen an awer och de jeeweilege Verwaltungen ass, fir datt et méi séier geet an de Prozeduren, wann et ëm e PAP „nouveau quartier“ geet.

Dës Plattform wäert duerfir an an deene kommende Wochen a Betrib goen, wat ganz wichteg ass. An och hei just kuerz gesot: Aus eegener Erfahrung weess ech, datt et wichteg ass, wann e PAP vun engem Promoteur respektiv engem Bauhär soll erstallt ginn, datt dës le début d'Modalitéit gekuckt ginn, awer och genau, wéi dee PAP kéint ëmgasat ginn. An duerfir ass et gutt, fir schnellstméiglech alleguerten dës Prozeduren ze vereinfachen.

Als CSV kënnen mir d'Regierung nëmmen encouragéieren, dës Vereinfachung schnellstméiglech virunzedriewen. Et steet vill um Spill, wat d'Zukunft vun eisem Land ugeet.

An heimat ginn ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Lies, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An d'Wuert huet elo den Här Luc Emering. Här Emering.

**Discussion générale**

**M. Luc Emering** (DP) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi héich Zësen hunn an der leschter Zäit zu engem allgemenge Ralentissement am Bausektor gefouert an eng ganz Rei Schwieregkeete mat sech bruecht.

Duerch déi grouss Hausse bei de Präisser hu vill potenziell Keefer hir Pläng fir en neit Doheem mussen zrëckstellen oder souguer ganz opginn. Dëst huet leider och eis Baumentreprise, déi zum Deel schonn a Projeten investéiert haten, an eng delikat Situatioun versat.

Vill Acteuren hate virun dëser Kris scho Baugeneemegungen fir eng Jett Projekte kritt, déi laut den Texten, déi zu deem Zäitpunkt en vigueur waren, no engem Joer ofgelaft sinn, ouni dass awer herno déi néideg Demande vu potenzielle Keefer nokomm ass.

Fir deem entgéintzewierken, hat sech ufangs des Joers, wéi et elo gesot ginn ass, e Logementsdësch zesummegeesat. Hei sinn, wéi Dir wësst, déi wichteg Acteuren aus dem öffentliche an aus dem private Sektore zesummegekommen, fir gemeinsam Léisungen auszuschaffe mam Zil, den Immobiliemarché nees un d'Rullen ze bréngen.

Dësse Projet, dee mir haut hei virleien hunn, ass e ganz wichtige Schratt a Richtung vun enger Entlaaschtung fir all d'Acteuren am Bausektor. Als DP-Fraktioun begreisse mir dës nei Moosnam, déi d'Validitéit vun de Baugeneemegungen vun engem Joer op zwee Joer verlängere soll.

Dat ass net just am Interêt vun enger Simplification administrative, mee vum ganzen Immobiliensektor, deen doduerch gestäipt wäert ginn. D'Baumentreprise kréien esou déi néideg Zäit, fir déi néideg Demarchen ze ënnerhuelen an hir Projeten ze realiséieren.

An enger Zäit, wou vill Onsécherheete bestinn, grad och bei der Entwécklung vun den Zësen, ass et vu grousser Wichtigkeet, dass de Staat eng gewësse Flexibilitéit virgesäit. An dat ass genau dat, wat dësen Text bréngt. Dëst wäert d'Realisatioun vun de Projekte vereinfachen an och gläichzäiteg erlaben, eng gewëssen Dynamik an de Wunnensbau eranzekréien.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Emering. An dann huet elo d'Madamm Taina Bofferding d'Wuert. Madamm Bofferding.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Bon, ech kann direkt berouegen: Mir stëmmen dat hei mat!

Ech hunn elo mengen zwee Virriedner gutt nogelauschert. Et gëtt awer e bëssen esou duergehallt, wéi wann dat hei elo esou d'Formule magique wär, fir d'Logementsproblemer an de Grëff ze kréien. Dat gesi mir definitiv anescht!

Mee do kréie mir nach d'Geleeënheet, bei deene Proposen, déi jo nach solle komme vun der Regierung, dann Neel mat Käpp ze maachen. Do kréie mer nach d'Geleeënheet, fir doriwwer ze diskutéieren.

An der Kommissioun war d'Fro opkomm, ob ee Chifferen hätt, ob et eng Demande vun de Gemenge wär respektiv wéi oft géif verlängert ginn. Et ass richtig, de Ministère huet déi Donnéeën net. Et kann een déi jo och net esou sammelen, et misst ee se dann afänke goen.

Ech hunn awer bei mengem Buergermeeschter, also a menger Gemeng nogefrot: Do maachen d'Verlängerung ganz genau 4 % aus. Dat ass elo wierklech net grad de grouss Worf. Mee bon, et deet och kengem wéi. Mir stëmmen et mat. Alles, wat eng Simplification administrative ass, wat méi einfach ass, kann ee guttheeschen.

Mee dat heiten ass awer elo net d'Äntwert op de Logementsproblem. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Bofferding. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Tom Weidig. Här Weidig.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Merci, Här President. Als ADR begrësse mir dëse Gesetzesprojekt, dee jo eng administrativ Vereinfachung duerstellt. D'Notioun vun der administrativer Vereinfachung huet och an eisem Walprogramm eng zentral Roll gespilt an duerfir droe mir dëst émsou méi mat.

Mir géife souguer nach e Schrëtt méi wäit goen an eis domat och den Avice vun der Handelskummer a vun den Architekten uschlëssen, déi eng zousätzlech Verlängerung vum Delai froen.

Dat gesot, geet dëst Gesetz awer zumindest an déi richtig Richtung a fënnt och eis Zoustëmmung. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Weidig. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci. Ech muss soen, ech war och elo e bëssen iwwerrascht iwwert déi Duerstellungen, déi elo hei komm sinn. Well et muss awer ee mer erklären, wiso eng Verlängerung vun engem Delai, wéini soll ugefaange gi mat bauen, soll de Logementsproblem an de Grëff kréien.

Mee dat à part, denken ech och, dass et ka sënnsvoll si fir den administrative Prozess. Ech wär just frou, wann een dat awer géing am A behalen an dass dat elo net géing an eng Richtung goen, dass doduerjer alles nach méi laang géing daueren.

Well mir gesi schonn, dass et heiands awer laang dauert, bis iwwerhaupt een ugefaangen huet mat Bauen. A wann een natierlech elo nach méi laang Zäit huet, riskéiert dat, derfir ze suergen, dass mer do Verlängerungen kréien.

Bon, dann hätt ech awer nach zwou Froen. Déi eng wär déi: Wou sidd Der dru mat deem, wat mer denken, dass et vill méi hëlleft wéi elo dat heiten, mat deem generaliséierte Bautereglement? Dat wier eppes, wat eis brennend géing interesséieren.

Insgesamt vermësse mer dann e bëssen de Suivi vun deem grouss Pak, dee jo annonciéiert gi war virun e puer Méint, wou ganz vill esou Mesürene ebauchéiert gi waren. An do wiere mer dankbar, wa mer dat zäitno nach eng Kéier kéinten an deene respektive Kommissiounen diskutéieren, fir dass mer e bësse wëssen, wou Der dru sidd bei der wierklecher Ëmsetzung vun deem, wat dee Moment annonciéiert gi war. Well do war eng Hellewull Mesürene annonciéiert ginn a mir géinge gär de Suivi dovunner maachen. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann ass d'Wuert fir den Här Marc Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech kann och just de Virriednerinnen, der Madamm Tanson an der Madamm Bofferding, Recht ginn. 4 %, dat ass elo wierklech net déi gigantesch héich Zuel.

A virun allem ass mir vun der Logik hier net ganz ersiichtlech, firwat eng nei Dynamiséierung vum Logementsmarché soll entstoën, wann Delaien, wou ee muss ufänke mat bauen, verlängert ginn. Dat ass mir net ganz ersiichtlech.

Ech verstinn awer, dass et effektiv eng administrativ Vereinfachung ass. An duerfir stëmmen mer dat hei och mat. Mee eng Dynamiséierung vum Logementsmarché, also, eis kënn Der dat jo erzielen, mee ech hoffen, dass Der et net selwer gleeft.

(Hilarité)

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum. Dann ass d'Lëscht vun eisen ageschriwwene Riedner fäerdeg.

An da géing ech der Regierung d'Wuert ginn. Här Inneminister.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Léon Gloden**, Ministre des Affaires intérieures | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Merci och fir d'Unanimité hei zu dësem Projet de loi.

„Einfach. Besser. Modern. Méi a méi séier bauen“, dat war de Slogan vum Logementsdësch respektiv den Titel vum Premierminister senger Deklaratioun. Mir haten do e Package vu 40 Mesürene op deem Logementsdësch festgehalten. Dat hei ass am Fong eng 41. Mesür. Et ass déi éischt Mesür, déi elo hei an d'Parlament kënn fir d'Simplification administrative.

Mir schaffen als Inneministère mat de Partneren um Terrain an och mat der Chamber. Mir wäerten nach e puermol heihinner kommen, fir eng Rei Projekte virzestellen, well ech mengen, mir sinn eis alleguer eens: Kommt, mer huelen eise Courage an d'Hänn, kommt, mer kucken endlech, dass mer duerch deen Dschungel vun den Normen kommen, déi – an ech kritiséieren dat net – héchstwahrscheinlech gutt gemengt waren, mee wou sech erausgestallt huet, dass et einfach ze laang dauert, an dat liest ee jo ëmmer erëm an der Press! Kommt, mer kommen erëm op eis Dugenden zrëck: kuerz Weeër hei zu Lëtzebuerg. Duerfir ware mer bekannt an dohinner solle mer och erëm kommen.

Fir konkret op d'Fro vun der Madamm Tanson ze kommen: Dëst Joer bis Enn des Joers wäerte mer nach de Projet de loi iwwert d'Modifikatioun vum Artikel 29bis erabréngen. Och dat war gutt gemengt, an dat war och richtig, deen Artikel deemools ëmzeännere. Mee et huet sech um Terrain gewisen, dass en net dat bruecht huet, wat mer alleguer wollten, a mir probéieren, deen Artikel eeben esou ëmzeschreiwen, dass mer op där enger Säit generell méi Logementer, an op där anerer Säit méi Logements sociaux op der selwechter Baufäch kënnen kréien.

Dann, ab November wäert déi Plateforme de concertation fir d'PAPen aktiv sinn, do kann een de Rendez-vous via MyGuichet huelen. An da kucke mer och nach, fir Enn des Joers eeben déi Limites bagatellaires, déi Bagatell-Limiten, déi ech och scho presentéiert hat an der Kommissioun, ze deposéieren, mat den Délais d'ordre.

An dann ass d'nächst Joer eeben déi grouss Reform virgesi mam „silence vaut accord“ an déi

Modernisatioun vun de PAG-PAP-Prozeduren, alles, wat sech dorëmmer gliddert. Et ass virgesinn, dass mer dat bis Enn d'nächst Joer deponéieren.

Et ass en ambitiöse Programm, mee nach eng Kéier, ech spieren awer, dass d'Leit dobaussen um Terrain dat brauchen. An ech mengen, d'Chamber wäert och hoffentlech mat op dee Wee goen, fir eis do ze ënnerstëtzen. A mir wäerten zu dem néidegen Zäitpunkt dann och d'Projeten hei mat Iech diskutéieren.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Inneminister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8369. Den Text steet am Document parlementaire 8369<sup>6</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8369 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Wann Dir kéint probéieren, nach e klengen Effort bei de Procuratiounen ze maachen. Domat ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen bei kengem Nee a kenger Abstentioun. Domat ass dëse Projet de loi à l'unanimité ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Françoise Kemp), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Fernand Etgen), Corinne Cahen (par M. Luc Emering), MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. André Bauler), Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Mandy Minella) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana (par Mme Claire Delcourt), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Franz Fayot), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer dann och um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzunge si fir den 22., 23. a 24. Oktober virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 18.29 heures.)